I-2021-O-M-7219-01 (n°3922)

Depot : Fred Keup

ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Lëtzebuerg, den 28. Juni 2022

Heure d'actualité hausse des prix des carburants

1

**MOTIOUN**

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- d'Präisser fir ze tanken a fir ze hëtzen, säit zwee Joer konstant an d'Luucht ginn;
- d'Steiere bei der Zesummesetzung vun den Energiepräisser eng wesentlech Roll spillen, besonnesch d'TVA an och déi op den 1. Januar 2021 agefouert CO2-Steier;
- dës Steierbelaaschtung déi Leit mat engem klenge Revenu an déi Leit déi um Land wunnen souwéi d'Frontalieren iwwerproportional betrëfft;
- opgrond vun där Entwécklung ëmmer méi Bierger riskéieren a finanziell Schwieregkeeten ze geroden;
- e Präisniveau vum Bensinn a vum Diesel iwwert deem vun eisen Nopeschlänner sech negativ op de Staatsbudget auswierkt;

ass sech bewosst, datt

- Lëtzebuerg Gefor leeft, hei op sozial Spannungen zouzesteieren;

fuerdert d'Regierung op,

- d'Reduktioun vun den Accisen op Brennstoffer fir den Auto ëm 7,5 de Liter iwwert den Datum vum 31. Juli eraus ze verlängeren an dës Accisen nach weider ze reduzéieren;
- d'Erhiewung vun der CO2-Steier iwwert den Datum vum 1. Januar 2023 eraus net weider ze erhéijen;
- vum 1. Juli un de superreduzéierten TVA's Saz vun 3 Prozent op sämtlech Energieproduiten ze applizéieren;
- d'Steieren sou unzepassen, datt d'Brennstoffpräisser fir ze tanken zu Lëtzebuerg ëmmer ënnert dem niddregste Wäert vun eisen Nopeschlänner leien;
- d'Kilometerpauschal zukünfteg automatesch ze indexéieren;

Fred Keup